Op der Schock, société coopérative stellt an:

1 Encadrant fir eisen neien Atelier „Inklusiven Tourismus a liicht Sprooch“, CDI 40 St./Woch fir eisen Atelier d’inclusion professionnelle zu Réiden – REF: COOP202504

Missioun:

- Iwwersetzen vun Texter an d‘ liicht Sprooch
- Leeden vun eise Préiwgruppen vu Mënsche mat besonnesche Bedierfnisser:
  - déi Texter an der liichter Sprooch préiwen an upassen
  - déi touristesch Angeboter testen a Virschléi maache wéi des kënne méi inklusiv gestallt ginn
- Projeten am inklusiven Tourismus mat ausschaffen
- Austausch mam Client
- Austausch an de Netzwierker vum Tourismus an / oder der liichter Sprooch

Qualifikatioun a Kompetenzen:

- Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom am pädagogesche Beräich (Pädagog, Heilpädagog, Sozialpädagog, Erzéier mat Beruffserfahrung an der Begleedung vu mat Mënsche mat intellektueller Beanträchtegung o.ä.)
- Loscht sech an de Beräich vum inklusiven Tourismus eranzeschaffen
- Kenntnisser vun der liichter Sprooch, respektiv Loscht sech an dee Beräich anzeschaffen
- Freed an Engagement an der Aarbecht
- Eng respektvoll, léisungsorientéiert a wohlwollend Haltung an der Aarbecht
- Kapabel, autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- Strukturéiert a koordinéiert Schaffen
- Humor, Flexibilitéit an Teamfäegkeet
- Gutt PC-Kenntnisser

Konditiounen**:**

- CDI
- Salaire a Konditioune vum CCT SAS
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch
- Führerschäin B
- Well dir mat Mënsche mat enger Beanträchtegung schafft, gëtt och een Extrait (3,4 an 5) aus dem Casier judiciaire gefrot

Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

Wann Dir interesséiert sidd, schéckt Är Demande (Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

Op der Schock
Ressources humaines
B.P.10
L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: recrutement@ods.lu

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach. Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren. Tel: 26 62 18 81 E-mail: recrutement@ods.lu